N° 6846
Entrée le 26.10.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 6846 vum 15. September 2022 vum Här Deputéierten Jeff Engelen.**

1. *Wéi vill Buschauffere waren agestallt an de Joren 2019, 2020, respektiv 2021 ?*

Laut dem Informatioune vun der Fédération Luxembourgeoise des Exploitants d'Autocars et d'Autobus (FLEAA)ass di gesamt Unzuel vun de Chaufferen bei lëtzebuerger Busfirmen mat engem D, D1 respektiv B Führerschäin, inklusiv Voll- an Deelzäit, folgend:

2019: 3.069

2020: 3.113

2021: 3.479

2. *Wéi vill Buschauffere ginn effektiv gebraucht fir déi ganz RGTR Linnen ze fueren, déi programméiert sin ?*

Eng genee Zuel ass schwéier ze identifizéieren. Laut den Informatiounen aus den Offere an der Soumissiounsprozedur, kann een dovunner ausgoen, dass mindestens 1.600 Buschaufferen fir den RGTR Reseau fueren.

Ech weisen drop hinn, dass et aktuell ronn 200 RGTR Linne ginn, an dass d'Buschaufferen am Laf vun hirem Schaffdag kënne verschidden Zorte vun Zervisser assuréieren, z.B. mueres eng Schoulfaart, duerno eng regulär RGTR-Linn, an Nomëttes en Ausfluch.

3. *Wéi vill Buschauffere gi gebraucht fir déi eenzel Schoullinnen ze fueren ?*

Och fir d'Exploitatioun vun de Schoullinnen ass et ganz schwiereg eng genee Zuel unzeginn.

De Moment ginn et 268 Schoullinnen déi vun der Verwaltung fir ëffentlechen Transport nieft dem RGTR organiséiert ginn. Well moies an der Spëtzestonn, Richtung Schoul, ëmmer mindestens eng Faart gefuer gëtt, kann een domat rechnen, dass moies och 268 Buschaufferen am Asaz sinn. D'Retouren nomëttes dogéint si méi verdeelt.

4. *Gëtt et bei de Buschaufferen eng Reserve fir eenzel Linnen ze fuere wann den Zuch ausfällt?*

Bei de Betriber gëtt et selbstverständlech eng Reserve u Buschaufferen, fir den Déngscht ze assuréieren, z.B. bei Krankheetsausfäll. Aus mengen Äntwerten geet jo och ervir datt d'Betriber och nach Chaufferen hunn fir aner Zervisser ze assuréieren wéi just den RGTR an de Schoultransport. Détailer sti mir awer net zur Verfügung.

Lëtzebuerg, den 26. Oktober 2022

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch